

Rapport vun der ... Kommissioun

Presenzen

Present	Net present
Marie Sadler	Jill Duschinger
Nathalie Simon	Lynn Mangen
Patrick Cincis	Patrick Lucas
Tessy Arend	Miguel

Rapport vum Ordre du jour Jugendkommissioun 25.01.2022

1. Idee'en fir d'Joër 2022:

Wat sollen mir 2022 vun Aktivitéiten maachen? Sollen mir iwwerhaapt Aktivitéiten plangen oder just als Kommissioun fir ze beroden funktionéieren?

Zesummen waren mir eis eens, dat mir nach gaeren géifen e puer Aktivitéiten machen.

Mir wollten e puer Aktivitéiten proposéieren an dann zesummen mat der Gemeng kucken wat een kann an der Gemeng emsetzen. Mir hu mol festgehaalen dat mir eng Aktivitéit am Hierscht (Thema: Halloween, Kürbis,...) an eng am Summer maachen wöllen.

Idee'en fir 2022:

Summer:

*Beachdref ?

.Open-Air Kino am Märjendall am Haff?

De Patrick C. fréed bei Caramba.lu no wat 3 Séancen géifen kaschten a wat et vu Filmer gett. Mir passen och op dat mir mat den Datumer net mat deenen vu Miersch

zesummen faalen. Beim Sales-Lentz kéint een Navetten ufroen. Et kéint een och mat e puer Kommissiounen (Verkéierskommissioun, Intégratiounskommissioun,...) zesummen schaffen fir dest Evénement.

Hierscht:

*Kürbis dékoréieren haalen mir bäi, dest waer eng flott Aktivitéit déi vill Succès haat.

*vläit nach eng Aktivitéit mam Club des Jeunes zesummen?

Aaner Idee'en waeren nach:

Quiz-Owend

Ausflich (zb op Schlittschungspist, Kloterpark, Stau, Fouer,...)

Rallye

Hei ass awer och d'Fro opkomm op esou Aktivitéiten vun der Jugendkommissioun geplangt ginn oder éischer vum Club des jeunes oder Jugendhaus?

Sportkommissioun (Miguel) froen op Aktivitéiten fir Kanner a Jugendlicher geplangt sinn an op sie keng Hellef brauchen.

D'Elterevereenegung gett och gefroot op sie nach Aktivitéiten geplangt hun, wou Jugendkommissioun kann hellefen (zb Liichtmessdag,...)

Nei Schoul:

Mir sollten hei als Jugendkommissioun mat an die nei Schoul geholl ginn fir eng Visite des lieux ze maachen a wa mir nach Idee'en haetten, déi dann ze soen. Bis elo sinn mir awer nach net gefroot ginn. No der Ouschtervakanz sollen schon Klassen aus dem Cycle 3-4 an d'Schoul era plenneren. De Patrick C. fréed beim Schoulpresidänt no, op do nach eng Visite geplangt ass, d'Marie fréed beim Bisi no.

2. Kommunikatioun vun der Jugendkommissioun; Logo?, Facebook?

Wéi maachen mir eis méi sichtbar? Sollen mir eis een Logo maachen lossen?

Een Logo wier flott, deen kéinten mir dann och bäi eisen Aktivitéiten op Flyer'en setzen.

De Logo kann och op anneren Plaazen optauchen; Buet, Site vun der Gemeng, Flyer,....)

Wéi kann een nach mat de Jugendlechen a Kontakt trieden? Wat fannen die Jugendlecher gutt fir mat eis a Kontakt ze trieden? Ze kommunizéieren? Kéint een net een klengen Sondage erausbréngen fir besser mat de Jugendlecher können ze kommunizéieren? Fir oh de Jugendlechen hier Mőenung ze héieren? Wat brauchen se? Wat féelt hinnen an der Gemeng?

D'Idee koum op fir vläit mat de Pompjeen ze kucken op Jugendkommissioun net kéint een Stand um Foodtruck kréien, fir eng kleng Aktivitéit ze maachen an an engem s esou och mat deenen Jugendlechen aus der Gemeng a Kontakt ze kommen.

Mir sammeln elo e puer Idee'en fir een Logo a beschwaetzen dat ganz nach eenmol an der nächster Réunioun. Dann kucken mir och op mir eis Jugendkommissioun oder Kanner a Jugendkommissioun nennen.

3. Suivi vun der Facebooksäit vun Beachdref?

Ass des Säit nach aktuell?

Gett se nach gebraucht?

De Patrick C. huet nach Accès op des Säit. Et gett des Säit um Facebook nach. Wann elo nach Beachdref ass, ass die Säit ganz flott fir Saachen ze posten. Déi Zäit vu Beachdref misst dann een sech drem kemmeren fir d'Säit emmer ze aktualiséieren.

4. Beachdref 2022?

Beachdref ass immens flott, mee mir hun eis Gedanken gemaach op eng Jugendkommissioun esou een groussen Projet alleng gestemmt kritt, well vill Saachen och nach ronderem mussen geklärt ginn. Et ass eng immens grouss Organisatioun fir die 3 Wochen Beachdref. Ween huet Zäit fir all die Zäit mat um Site ze sinn? Ween huet Zäit fir alles mat op-an ofzeriichten? Ween kimmert sech em all die Saachen die ronderem gemaach mussen ginn? (Flyer'en, Sand, Animatioun, Studenten um Site, ITM, Waasserkontroll, Bestellung vum Fleesch, Gedrénks,...)

Wann Gemeng de Projet well emsetzen, ennerstetzen mir sie gaeren dobäi. Dat Beschtt ass et, de Projet Beachdref zesummen mat der Gemeng ze kucken an dann och ze kucken op een net méi Kommissiounen do kann mat era bréngen.

Dest Joer ass die ganz Organisatioun net esou einfach, dest wéinst der aktueller Situatioun mam Covid. Ass et net vläit besser mie kleng Aktivitéiten unzebidden?

5. Réunioun mam Paul Mangen an Christiane Eicher-Karier

13ten Januar waer eng Réunioun zesummen mat engem Bureau d'étude fir iwwert de Projet Park Beschdref ze schwaetzen. Leider wussten mir dat net, mee eng Réunioun mam Paul Mangen a mam Christiane Eicher-Karier brauchen mir dann net méi ze plangen. Des Réunion waer net öffentlech mee fir intern organisatoresch Decisiounen ze huelen.

Mir probéieren zu e puer den 9ten März an der Versammlung dobai ze sinn, wou de ganzen Projet duergestallt gett.

Hei nach weider Datumer vum Projet Park Beschdref vun der Gemeng, Nathalie huet eis déi weider ginn:

Mett Februar kritt all Haushalt een Flyer vum Projet an Boîte

Duerno ginn Idee'en gesammelt, Sondagen gemaach an Workshop'en präsentéiert.

Clotûre vum Sondage den 20ten März

An der Woch vum 21ten März: Evaluatioun vun de Resultater vum Sondage. Bréif à toutes boîtes: Invitatioun Workshop

An der Woch vum 28ten März: 1ten Workshop

An der Woch vum 18ten Abrëll: Visite vum Park

An der Woch vum 25ten Abrëll: 2ten Workshop

Duerno kennt nach Evaluatioun vun de Resultater vun den 2 Workshoppen an dann Präsentatioun vun de Conclusiounen.

6. Planification des prochaines réunions

Die nächst Versammlung hu mir op Densdes den 15ten März um 20h00 festgeluecht.

Et wier flott wa jiddereen och déi Deeg disponible ass, déi een am Doodle ugekräizt huet.

7. Divers

Kontakt mat de verschiddenen Kommissiounen an der Elterevereenegung fir ze kucken wat geplangt ass, an op Hellef gebraucht gett.

Jugendhaus Miersch a Bissen kontaktéieren fir ze froen op mir als Jugendkmissioun eng Köler een Schnupperdag bei hinnen können maachen.

Punkt 1 vum Ordre du Jour